

CINEMA

Le fabuleux destin d'un vendeur de salades

S'il est un domaine où Benoît Poelvoorde excelle, c'est bien dans l'art de composer des dialogues percutants. "Les portes de la gloire", son quatrième film, ne fait pas exception; on y retrouve la patte "Poelvoorde", soit du tragi-comique dans un milieu socio-économique plutôt démoralisant.

Le grand Ben se réserve, comme à son habitude, le rôle du beauf ou du sale con médiocre à qui on arrive même pas à en vouloir. "L'humour est indissociable de la tragédie. Si ce n'est pas dramatique, ce ne sera jamais drôle. Pour qu'il y ait rire, il doit y avoir un soupçon de peur, de tragédie, c'est obligatoire. Au fond, le rire est une vision du pire" selon Benoît Poelvoorde. Ce film, réalisé par Christian Merret-Palmair, offre, en effet, une vision quelque peu désespérante de l'art de la vente en milieu défavorisé. Au volant de son break VW, Demanet (Poelvoorde) drive son équipe de vendeur dans les corons pluvieux pour y vendre au porte à porte, une obscure encyclopédie sur les cataclysmes ayant causé la perte des grandes civilisations. Un produit surfait, écho aux peurs de l'an 2000. Chaque vendeur possède sa technique personnelle pour embobiner une clientèle composée en majeure partie de chômeurs. Tout le sel du scénario se

trouve évidemment là: quelle saveur d'écouter Michel Duchaussoy dissenter sur les malheurs de la civilisation aztèque, et, butant sur un mot lui attribuant l'invention du cramique au lieu de la céramique. C'est que, le docte connaît aussi mal son produit que le client potentiel qui le découvre ... tout l'art réside de n'en rien laisser paraître. Quant au formidable Etienne Chicot, autre vendeur d'exception, son talent consiste à adapter sa technique de vente à la personnalité du client, ce qui lui vaut un sens de l'observation surdéveloppé.

Une triste routine

La triste routine de cette équipe de vendeurs va être bouleversée par l'arrivée d'un nouveau, Julien Boisselier, futur beau-fils de grand patron des éditions Pégase. Le pauvre garçon ne fait pas preuve des meilleures dispositions pour atteindre le chiffre de ses comparses. Timide, peu motivé, il ignore qu'il est l'instrument des ambitions

dévorantes du driver Demanet. Ce dernier compte utiliser la jeune recrue pour qu'elle persuade son beau-père de pénétrer le marché du sud de la France avec les techniques de ventes américaines. C'est à partir de là que le film s'enlise, tout comme Demanet et son équipe. On ignore où les scénaristes voulaient nous emmener dans cette seconde partie, entre critique sociale et Grand Guignol. Une chose est sûre, on s'ennuie

presque autant que ses vendeurs dans ce Midi peu propice à la vente sauvage. Reste l'excellente interprétation des acteurs, l'humour grinçant des dialogues et la description peu engageante du milieu de la vente: "C'est mangé ou être mangé, la loi de la jungle", comme l'assène Demanet à son apprenti vendeur. Un milieu où la médiocrité le dispute au pathétique, une spécialité de Benoît Poelvoorde qu'on ai-

merait voir se couler dans d'autres personnages à l'avenir. Cela ne risque pourtant pas d'être le cas à court terme, puisque le prochain film du grand Ben compte l'histoire d'un coureur cycliste né le même jour, à la même heure que le champion Eddy Merckx mais à neuf petites minutes d'intervalle. Bien entendu, l'écart ne fera que se creuser au fil de l'histoire ... Ligne d'arrivée prévue en octobre.

Séverine Rossewy



Au Ciné Utopia

Le grand Ben et sa petite équipe.

FRÄILICHTSPEKTAKEL

Ee Jong aus Schlesien

„Hanni lo hänks de!“, heescht d'Stéck vum Jemp Schuster dat dëst Joër am Prommenhaff zu Groussbus vum Schankemännchen opgefouert gët. D'Geschicht vum Hanni huet den Auteur hei kuerz zesummegefaasst.

Mir sin am Joër 1951. De Krich ass knapps eng hallef Dose Joren eriwwer. D'Rundstedt Offensive, déi am Éisléck méi Spuren hannerlooss huet ewéi dee ganze Krich virdrun, huet déif Wonne gerappt. Materieller, déi nach ëmmer nët ganz gefléckt, a séilescher déi nach laang nët geheelt sin. Jidderree probéiert sech ze arrangéieren, och alt emol op Käschte vum Noper. Wie war dann elo e richtege Patriot am Krich? Wien huet awer heemlech mat de Preise sympatiséiert? Huet nët deen een oder anere séng Virdeeler aus deem ganzen Duerchernee gezunn? De Mett ass esou eng Figur. E Mann deen d'Soën am Duerf huet, dee vu sénger Position a vu sénger Autoritéit hier d'Ficellen am Duerf zitt, ouni sech dofir ze vill an de Virdergrond ze stellen. En ass éischer d'äer Heemlecher een. En huet eppes mam Zilf, dem Jak sénger Fra. Dat weess d'ganz Duerf, awer dov u schwätzt ee léiwer nët. Well de Jak ass nëmme e klenge Kräizerbauer, an de Mett ass fir esou een eng Nummer ze grouss. Awer de Jak weess vill iwwert de Mett. Och nach Saachen aus dem Krich. En duerf

awer näischt soën, an dat mécht e verréckt. Dofir léisst e séng Roserei un der egener Fra an um Bouf aus. D'Duerfgesellschaft am Joër 1951 zu Groussbus ass grad ewéi an deene meeschten Dierfer déi Zäit amgaang sech méi séier ze veränneren ewéi jeemols virdrun. Et ass eng nei Zäitrechnung. „Virum Krich“ ass nët méi ze vergläiche mat „nom Krich“. Wa virdrun d'Bauern eleng d'Soën am Duerf haten, da kommen elo d'Aarbechter erop. Kleng Bauere gin hir Betreiber op a fueren op de Minett schaffen. Am Ufank halen se nach zwou Kéi niewelaanscht, awer mat der Zäit sin se dees nët méi néideg. A wann d'Bauere musse struwele fir mat der Mekaniséierung vun de Betreiber Schrëtt ze halen, dann hun d'Aarbechter déi Suergen nët. Hir Pei ass sécher a se sin nët méi vum Wieder ofhängech. Dat bréngt Näid a Sträit matt sech, zemol wann dee klenge Bauer sech nët traute selwechte Schrack ze maachen an de Betrieb opzegin fir bei e Patron schaffen ze goën. D'Duerfjugend orientéiert sech och méi a méi no bausen. Et ass nët méi normal datt eent vun de Kanner den

Haff iwwerhëllt. Duurch d'Verbindungen an d'Stad gin der ëmmer méi an d'Schoulen oder se siche sech eng Schaff. De Gast an de Charel, zwee Bauerejongen, mussen op Bitburg bei d'Zaldoten. Esou kuurz nom Krich as et 'en nët grad geheier. Se wëssen nët richteg wat s'an der Uniform erwaart, an dann ass jo och nach de Koreakrich amgaang. Korea ass wäit ewech, mee kënnt et nët sin, datt d'Amerikaner op eemol päifen, an da mussen d'Lëtzebuerger untrieden? Den 21. Juli 1951 gët grouss gefeiert zu Bus. D'Pompjeen, deen eelsten Duerfcorps äus dem Land, kritt 100 Joër, an d'Musék kritt e neie Fändel. Esou eng duebel Feier muss gutt virbereet an organiséiert gin. Well et komme vill Leit an d'Duerf. Kiosken an Éierepaarte gi gebaut, den Organisatiounscomité ass all Owes drun. Hei ass de Mett President, an de Rosch, deen eréischt viru kuurzem als éischten Aarbechter an de Konsell gewielt gin ass, spillt de Sekretär. Et gët awer méi diskutéiert ewéi geschafft, an no der Aarbecht fanne mer s'all an der Wiirtschaft beim Poline erëm. D'Fraë gin ugespaant fir ze rëschten, a well och nach d'Hambier dat Joër gutt dréit, kréien se knapps Zäit an d'Bier ze fueren. 't ass Schoul-

vakanz an d'Kanner hun hire Spaass, well eppes weider lass ass. A wat ass mam Hanni? Wien ass deen Hanni iwwerhaapt? Den Hanni ass e Jong aus Schlesien, deen zu Bus säin Aarbechtsdingscht am Krich verriicht huet, an deen elo nët weess wou en hi soll. Schlesie gët et nët méi op der Landkaart. Den Hanni huet séng Wuurzele verluer, dee Jong deen nach nie engem wéi ge-

doën huet, kann et schlecht verquësse wann e Preis verannt gët. Et ass dee Friemen, de Stoussnéckel, deen de Kapp muss duerhale fir datt déi Feierlechkeeten ouni Skandal iwwert d'Brieder gin. Well den Hanni huet eppes entdeckt, wat nët duerf wouer sin. E gët zum Bauerenaffer, d'äer Spillfigur déi de Kinnék Mett virum Schachmatt soll retten.

Jemp Schuster



Eng Szen aus dem Stéck.

"Hanni, lo hänks de!" gët den 18., 19., 20., 21., 25., 26., 27. an 28. Juli ëm 21 Auer am Prommenhaff zu Groussbus gespillt. Reservatioun, Tël: 88 81 07.